

## **Wat maachen...**

### **No engem Verkéiersakzident**

- séchert d'Onglécksplaz of
- sinn Léit blesséiert, da rufft direkt um 112 un fir Hëllef ze kréien
- ass et bei Materialschued bliwwen, féllt een Constat à l'amiable aus
- gin sech déi 2 Parteien net eens, rufft d'Police iwwer den 113 op d'Plaz
- méllt de Schued ärer Assurance

### **No engem Abroch oder Déifstall**

- rufft direkt d'Police um 113 un
- naischt upacken fir Beweisspuren ze erhalten
- méllt de Schued ärer Assurance

### **No Schléi an Bless**

- rufft direkt d'Police um 113 un
- versuergt äert futtis Gezéi an futtis Géigestänn als Beweismëttel

### **Als Zeien vun enger Gewaltdot**

- rufft direkt d'Police um 113 un
- maecht lech bemierkbar ouni lech selwer a Gefoer ze bringen
- fuedert Passanten zur Mathëllef op
- mierkt lech Detailer um Täter fir eng spéider Identifikatioun
- bekëmmert lech em d'Affer
- stellt lech als Zeien zur Verfügung

### **No enger Vergewaltegung**

- rufft direkt d'Police um 113 un
- net duschen oder sech wäschen fir Beweismëttel ze erhalten
- versuergt är gedroen Kleeder an eng Pabeierstut



## **Weider Hëllef duerch Servicer vun der Police**

D'Aktioun Bobby proposéiert Kanner, déi Affer vun physischer, psychescher an sexueller Gewalt sin, Hëllef iwwer Telefon un.

**Tel : 12321**

D'Berodungsstell fir Abrochspräventioun get lech technesch Rotschléi fir är Wunneng besser ze schützen.

**Tel : 4997-2330**

Der Self-Defense Club vun der Police proposéiert Couren an der Selbstverteidegung. Wieder Informatiounen beim Service Communications et Presse.

**Tel : 4997-2023**

Zousätzlech Informatiounen fir Affer fann dir op eiser Internetsäit [www.police.lu](http://www.police.lu) an der Rubrik Hëllef fir Affer

[www.police.lu](http://www.police.lu) > Hëllef fir Affer

# 113



## **Informatiounen an Hëllef fir Affer**



D'Police bedauert dass dir Affer vun engem Verbrechen oder enger Infraktioun gi sidd.

Mir beméien eis lech net mat ärem Schicksal eleng ze loossen.

An dësem Dokument erkläre mir lech d'Virgéisensweis vun der Police an der Justice an mir informéieren lech iwwer Servicer déi Afferhëllef ubidden.

Wann dir Froen hutt, zéckt net de Beamten ze kontaktéieren, deen är Affaire behandelt. Wann dësen net erreechbar ass, kontaktéiert seng Déngschtstell oder äert Proximitéitskommissariat.

## Wéi geet d'Police vir?

E Polizist befreit lech zu den Ëmstänn vun der Dot an hält är Ausso zu Protokoll.

Wat Dir méi Détailler kënnt liwweren, wat besser. Unhand vun dësen Informatiounen erlaabt Dir der Police den Schëllegen ze ermëttelen.

Um Enn vun ärer Ausso ennerschreift Dir ären Protokoll.

## Wat geschitt duerno?

De Polizist mécht elo seng Recherchen a schéckt säin Protokoll un de Parquet, den dorops décidéiert op är Affär penal Suiten kritt.

Zum Schluss vun der Enquête gëtt den Dossier un déi zoustänneg Gerichtsinstanz iwwermëttelt fir dat et zu engen Prozess ka kommen.

Wann Dir Froen betreffend Schuedensersatz hutt, dann zéckt net fir bei engem Afferhëllefdsdängscht unzeruffen, deen juristesche Ënnerstëtzung ubitt. Dir kënnt och een Affekot aschalten.

## Dir fäert eng Plainte ze maachen?

Vlaicht zéckt Dir aus verschiddenen Ursaachen eng Plainte ze maachen.

Dir hutt Angscht, net gegléewt ze kréien, Angscht virun Repressalien, oder Dir mengt, eng Plainte maachen hätt esou wéi sou keen Zweck.

Denkt drun dass ouni är Hëllef keen Schëllegen kann identifizéiert gin. Wann hien ongestroft dovun kënnt, kann hien spéider weider stroffälleg gin an aner Matbieger oder och lech erneits schiedegen.

Aus dësem Grond ass et wichteg dass Dir eng Plainte maacht. Wann Dir net eleng op de Policebüro wëllt kommen, kenn Dir lech natierlech begleeden loossen.



**Informéiert d'Police an hëlleft eis esou Strofdooden an Akkzidenter ze verhënneren**

## Afferreaktiounen

Jidder Affer reagéiert op seng eegen Manéier op dat wat et erliewt huet.

Ass an den folgenden Deeg a Wochen äert gewinntent Gefill vu Sëcherheet an Normalitéit staark verännert oder liewt Dir säit dem Virfall an stänneger Angscht, dann waart Dir gudd beroden bei engem Service fir Afferhëllef unzeruffen, sou zum Beispill beim:

### Service d'Aide aux victimes

Parquet Général      Tel : 47 58 21-627  
47 58 21-628

Dir kënnt lech och ärem Hausdokter, engem Psycholog oder engem Psychiater uvertrauen. Zousätzlech Informatiounen zu Afferhëllefdsdängschter kritt Dir op eiser Internetsäit:

**[www.police.lu](http://www.police.lu) > Hëllef fir Affer**

